piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

An de leschte Wochen ass et an den USA, ënner anerem zu Minneapolis, zu schwéiere Virfäll komm, bei deene Bierger:innen am Kader vun Asätz vu staatlechen Autoritéiten, notamment vun Immigration and Customs Enforcement (ICE), festgeholl goufen. An Tëschenzäit si souguer zwee Mënschen duerch déi exzessiv Gewalt vun den Autoritéiten ëm d'Liewe komm, wat an den USA an international Reaktiounen ausgeléist huet. Zuelräiche Politiker:innen an och Ex-US-Präsidenten hunn hir Stëmm géint dës staatlech Brutalitéit a fir d'Erhale vun der Demokratie a Rechtsstaatlechkeet erhuewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu der aktueller Situatioun a wäert si sech op diplomateschem Plang dofir asetzen, dass d'Rechtsstaatlechkeet an den USA respektéiert gëtt?

2. Huet d'lëtzebuergesch Regierung sech mat der US-amerikanescher Ambassadrice zu Lëtzebuerg betreffend de Virfäll an den USA ausgetosch?
   Wat ass der Ambassadrice hir Positioun an Aschätzung betreffend de Virfäll?

3. Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell Relatioune mat der neier US-amerikanescher Ambassadrice?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Huet de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA op diplomateschem Niveau zu dëse Virfäll intervenéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten